



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/11/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Justiz weiderzeleeden.**

D'Gesetz vum 24. Juli 2014 reegelt souwuel d'Oplklärung wéi och de Consentement vum Patient a schreift explizitt:

*"Il incombe à chaque professionnel de santé d'informer le patient dans un langage clair et compréhensible, adapté aux facultés de compréhension de ce dernier. [...]"*

*(4) Les soins de santé à un patient disposant de la capacité nécessaire ne peuvent être prestés que moyennant son consentement préalable, libre et éclairé, donné à la suite d'une information adéquate."*

Dëst Zitat aus dem Gesetz weist kloer, datt en Dokter muss transparent a verständlech informéieren, éiert e Patient oder eng Patientin enger Prozedur ënnerzu ginn. D'Kliniken hunn op d'Dispositiounen aus dësem Gesetz gréisstendeels mat Standard-Formulairë reagéiert, déi d'Patientinnen a d'Patienten heefeg just nach zur Ënnerschrëft virgeluecht kréien.

Ech gouf informéiert, datt dëst heefeg géif geschéien, ouni datt d'PatientInnen eng Kopie vun deem Dokument kréichen oder Zäit géife kréien, fir dat ganzt Dokument virun hirer Ënnerschrëft duerchezulesen. Do dernieft solle bei esou Dokumenter a verschidde Fäll och Alternativen zum virgeschloenen Traitement net opgelëscht, also um Formular vum Dokter net ausgefëllt ginn.

An deem Moment, wou eng Patientin oder e Patient e Consentement muss ginn, ass dës Persoun an enger immens vulnerabler Positioun an dofir ass d'Kontroll vun den Dispositiounen vum Gesetz vun 2014 besonnesch wichteg.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi, vu wem a wéi heefeg, gëtt d'Anhale vun den Oplagen aus dem Gesetz vum 24. Juli 2014 kontrolléiert?
2. Wéi ginn d'Formatiounen an de Spideeler duerchgefouert a gemonitort, fir ze garantéieren, datt d'Mataarbechter d'Patienterechter kennen, respektéieren a souguer schützen?
3. Wéi gi PatientInnen iwwert hir Rechter, wat de Schutz vun hirer Privatsphäre ugeet, informéiert a wéi ginn d'medezinesch Daten am Klinikkontext geschützt?
4. Wéi schätzt de Minister de Respekt vum Dateschutz an och vum « Secret Médical »



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

an, a Situatiounen, an deenen e puer Persounen zesummen an engem Zëmmer  
ënnerbruecht ginn?

5. Wéi ass d'Bettenauslaaschtung vun de Spideeler zu Lëtzebuerg a wéi sollen sech  
geplangte Projeten dorobber auswierken?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)